# Pratique des langues virtuelle

## Wéi a wisou Bénévole bei der ASTI ginn?



Sidd Dir intresséiert u Sproochen an un engem kulturellen Austausch ? Géift Dir gäeren Ärt Wëssen an Är Erfahrungen mat anere Leit deelen ?

### Dann huet d'ASTI den ideale Projet fir Iech !

Et handelt sech ëm eng virtuell Sproochenaktivitéit déi Bénévole an Apprenant zesummenbréngt, an hinnen domat d'Méiglechkeet gëtt **eng Konversatioun iwwer WhatsApp, Skype oder en aneren techněschen Moyen**. Sou kréien d'Apprenantën d'Geleeënheet ze schwätzen an d'Sprooch ze üben, déi se amgaange sinn ze léieren, an dat alles an engem décontractéierte Kader, ouni Grammairesreegelen oder Orthographie.



*« Je suis apprenante et bénévole dans le cadre du projet « coaching linguistique » et je suis ravie d'avoir osé franchir le pas. C'est un moyen de communication pour le moins, inhabituelle pour ce type d'échange mais ce projet est, selon moi, une réelle réussite. Il facilite l'accès à l'apprentissage et plus particulièrement durant cette période. J'apprécie vraiment cette expérience.*

*D'une part, j'ai la chance d'avoir une sorte de « marraine linguistique » adorable, patiente et à l'écoute de mes besoins. Nos échanges me permettent vraiment de progresser et d'oser m'exprimer dans une langue que je ne maîtrise pas. Je remercie sincèrement mon coach pour le temps qu'elle m'accorde chaque semaine. »*

*D'autre part, j'ai rencontré un apprenant motivé et investi avec qui j'apprécie prendre le temps. L'entendre progresser est un réel plaisir. Je recommande vivement ! »*



### Mäi Bénévolat

Eise Projet viséiert all Persoun déi interesséiert ass un de Sproochen an um Partage, an déi Loscht huet Leit aus verschiddene Kulture kennenzeléieren.




### Mäin Apprenant

Duerch Ärt Engagement, kann den Apprenant, deen amgaangen ass eng Sprooch ze léieren, seng Sproochekentnisser souwéi säi Vokabulär verbesseren, fir domat Vertrauen ze gewannen, fir sech auszedrécken.

1

## UMELLUNG

Dir kënnt Iech bei eis mellen per Mail : marc.faber@asti.lu. Dir braucht eis just Är donnéeën matzedeelen : Numm, Virnumm, Telefonsnummer an d'Sprooch (LU, FR, DE, ENG) fir déi Dir Iech gäeren zur Verfügung stelle wëllt. Mir confirméieren Iech dann Är Umellung an Dir gidd an eis Lëscht vun de Bénévolle gesaat.



2

## DEMANDE FIR ÄR DISPONIBILITÉITEN

Soubal mir en Apprenant fonnt hu fir Iech gidd Dir vun eis kontaktéiert a gefrot fir eis Är Disponibilitéiten unzeginn. Mat deenen Disponibiliéiten setzen mir eis a Kontakt mat Ärem Apprenant a versichen e RDV auszemaachen, deen iech allenzwee passt.



3

## RDV FIR DÉI ÉISCHT « SEANCE DE RENCONTRE »

Op eisem vereinbarten RDV gidd Dir an Ären Apprenant per Video Uruff op WhatsApp, Skype, Zoom oder Google Meet ugeruff. E Member vun der ASTI wäert Iech dann Ärem Coachingspartner virstellen. Dobäi kritt Dir nach e puer Informatiounen an Erklärungen fir dass Dir genau wësst wéi Dir Är Konversatioun animéiere kënnt.

D'ASTI bidd och eng kléng Formatioun un, wéi een e Coaching kann animéieren - mellt Iech bei eis wann Dir intresséiert sidd. Kontakt : marc.faber@asti.lu



4

## COACHING SEANCEN

Dir wäert Ärem Apprenant 1 mol an der Woch fir jeweils 1 Stonn uruffen a mat him eng Konversatioun iwwer allméiglech Theme féieren. Falls eng Stonn um Stéck ze laang ass, kënnen et och 2 Séance si vu jeweils 30 Minutten. Wann dir an den Apprenant souguer wëllt, kënnt dir iech och méi oft uruffen. Et ass un Iech, als Bénévole, z'entscheeden wéi oft a wéini dir Är Séance wëllt maachen : entweder regelméisseg selwechten Dag/selwecht Auerzäit, oder méi flexibel.



5

## AM FALL VUN ENGER FRO/ENGEM PROBLEEM

Esou bal d'Aktivitéit bis ugefangen huet, schafft Dir autonom mat Ärem Apprenant.

D'ASTI bleiwt ëmmer disponibel fir allméiglech Informatiounen an Hellëf.

Kontakt : Tél. 43 83 33 - 1

